piraten.lu

N°4338
Entrée le 29.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Am Februar 2024 hat eng Fra den 112 ugeruff a gemellt, datt si ze vill Medikamenter geholl hat an datt den Owend schlecht ausgoe géif. Den Operateur hat si net eescht geholl a keng Ambulanz gescheckt. Véier Deeg drop war si dout opfonnt ginn. Elo fuerdert de Parquet ee Joer Prisong mat Sursis géint den Operateur wéinst „non-assistance à personne en danger".

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt et fir Operateure vum 112 eng spezifesch Formatioun am Ëmgang mat Appeller vu Persoune mat eventuelle Suiciderisiken, a wa jo, wat deckt dës Formatioun of?

2. Gëtt et Protokoller fir den Triage vu Krisesituatiounen, déi explizit psychiatresch oder suizidal Indicateure berücksichtegen — ënner anerem wann eng Persoun vu fréiere Versich schwätzt?

3. Gesäit d'Regierung an dësem Prozess e systematesche Problem an der Koordinatioun tëschent dem 112 an de psychosoziale Krisendéngschter, a wa jo, wat sinn d'Konsequenzen am Beräich vun der Aus- a Weiderbildung vun den Operateuren?

4. Den Operateur, deen am Februar 2024 den Appell vun der Betraffener entgéintgeholl huet, huet laut Pressebericht keng beruflech Konsequenze gedroen. Kann de Minister erklären, ob an dësem Fall eng intern Enquête oder Disziplinaruntersuchung beim CGDIS duerchgefouert gouf, a wéi eng Krittären entscheede beim CGDIS, ob en Tëschefall mat déidlechem Ausgang disziplinaresch Konsequenzen no sech zitt?

5. Ass am CGDIS e systemateschten Feedback- oder Qualitéitssécherungsprotokoll virgesinn, deen no

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

kritesche Fäll ausgeléist gëtt — onofhängeg vum strofrechtleche Verfaren?

6. Wéi vill vun den Operateuren hunn eng Formatioun als Secouriste?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés